N°2131
Entrée le 24.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Reegel ginn zu Lëtzebuerg just Kanner an d'Schoul, déi och zu Lëtzebuerg hire Wunnsëtz hunn. Allerdéngs ginn et och Ausnamen. Iwwert e rezent Beispill fir sou Ausname konnt ee sech den 13. Mäerz 2025 am Luxemburger Wort informéieren. Am betreffenden Artikel *"Bürgermeister von Rédange kritisiert Schülerabwanderung nach Luxemburg"* beklot sech de Buergermeeschter vun der franséischer Grenzgemeng Rédange, datt ëmmer méi Famille vu senger Gemeng Weeër fannen, fir hir Kanner zu Lëtzebuerg anzeschoulen. Dës Entwécklung hätt negativ Konsequenze fir Rédange.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill Schüler, déi zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, hunn hire Wunnsëtz aktuell zu Rédange (F)? Wéi vill vun dëse Schüler ginn an international Schoulen?
2) Wéi positionéiert sech den Här Minister zu follgender Ausso vum Buergermeeschter vu Rédange ugesiichts vun der Ofwanderung vu Schüler aus senger Gemeng: *"Neben der Schule leidet auch der Zusammenhalt im Dorf, denn die Kinder der Gemeinde kennen sich nicht mehr, weil sie nicht mehr in dieselbe Schule gehen. Es ist ein Fass ohne Boden."*
3) Wéi vill Schüler insgesamt, déi zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, hunn hire Wunnsëtz am Ausland? Wéi ass dobäi d'Opdeelung tëscht Primärschoul a Lycée, tëscht ëffentleche lëtzebuergesche Lycéeën, ëffentlechen internationale Lycéeën, den Europaschoulen a Privatschoulen?
4) Op wéi eng Hierkonftslänner verdeelen sech Schüler, déi zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn an hire Wunnsëtz am Ausland hunn?
5) Bei wéi ville Schüler handelt et sech ëm Kanner, deenen hir Elteren als Frontalieren op Lëtzebuerg schaffe kommen?

Mat beschte Gréiss

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2131 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Fir d'éischt sief preziséiert, datt sämtlech änne genannten Zuelen sech op d'Rentrée vum Schouljoer 2024-2025 bezéien.

**Ad 1)**

36 Kanner a Jonker vu Rédange (F) ware fir d'Rentrée 2024-2025 a Schoulen zu Lëtzebuerg ageschriwwen, 24 dovun an enger europäescher oder internationaler Schoul.

**Ad 2)**

D'Sozialisatioun vun de Kanner an hir Integratioun an d'Communautéit vun der Gemeng kënne schonn an der fréier Kandheet ugesat ginn a si net ausschliisslech un d'Schoul gebonnen. Eng Gemeng kann, duerch eng entspriechend an op Kanner ausgeriichte Offer un Aktivitéiten, scho fréi dozou bäidroen, datt tëscht hire jéngste Bierger e Gefill vun Zesummenhalt an Zesummegehéieren entsteet. Natierlech spillt och d'Schoul an dësem Kontext eng net onweesentlech Roll, mee d'Verknëppung a Vernetze vun de Kanner geschitt zu engem groussen Deel ausserhalb vun der formaler Bildung.

D'Tatsaach, datt eng gewëssen Zuel vu Kanner a Jonken, déi zu Lëtzebuerg beschoult ginn, hire Wunnsëtz am Ausland hunn, hänkt sécherlech mat der héijer Zuel vu Frontalieren zesummen, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, grad ewéi och mat der Zuel vu Lëtzebuerger Familljen, déi hire Wunnsëtz am noen Ausland hunn. Donieft dierf een och d'Tatsaach net aus den Ae verléieren, datt eng ganz Rei vu Schüler mat Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hir Schoul am Ausland maachen.

**Ad 3) a 4)**

Insgesamt hunn 2775 Kanner a Jonker, déi zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, hire Wunnsëtz am Ausland; den Tableau hei drënner weist déi genee Opdeelung.

| | | **Wunnsëtz D** | **Wunnsëtz B** | **Wunnsëtz F** | **Total** |
|---|---|---|---|---|---|
| **Ens. fondamental** | | 121 | 107 | 252 | **480** |
| **Ens. secondaire** | international | 12 | 5 | 22 | **39** |
| | europäesch | 66 | 59 | 243 | **368** |
| | national ëffentl. | 946 | 227 | 646 | **1.819** |
| | national privat | 21 | 10 | 38 | **69** |
| **Total** | | **1.166** | **408** | **1.201** | **2.775** |

**Ad 5)**

Eng Äntwert op dës Fro ass net méiglech, well bei der Aschreiwung de Lieu de travail vun den Elteren net erfaasst gëtt.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH